N°5142
Reçue le 22.10.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, 22.10.2021

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22. Oktober 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Arméiminister an den Här Policeminister weiderzeleeden.

An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro Nummer 4966 schreift d'Regierung, datt d'Police hir modern H145M-Helikopteren vun der Arméi bezunn hätt, mee datt dës ënnert d'Legislatioun vun der ziviller, europäescher Loftfaart falen. Doduerch kënnen d'Polizisten aktuell och keng Waffe mat u Bord huelen, well déi gesetzlech Grondlag fir eng national "*aviation étatique*" feelt, wat am Beruffsalldag vun der Police zu staarke Perturbatioune féiert.

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung nach gär dës Nofroe stellen:

1) Zu wéi engem Zäitpunkt ass de Kaf vun deenen uewe genannten Helikopteren am Regierungsrot gestëmmt ginn? Zu wéi engem Datum gouf de Kafvertrag ënnerschriwwen? Wéi ee Ministère ass als Keefer opgetrueden an ënnert wéi engem Budgetsartikel sinn déi Sue gefloss?
2) Falls d'Helikopteren ënnert der Verantwortung vum Arméiministère bestallt goufen, goufen déi Suen da mat eise Verflichtunge vis-à-vis vun der Nato verrechent?
3) Kann d'Regierung elaboréieren, aus wéi engen Ursaachen déi Zäit tëschent dem Ofschloss vum Kafvertrag an der Ausliwwerung vun den Helikopteren net genotzt gouf, fir eng entspriechend Legislatioun op de Wee ze bréngen? Dëst ëmsou méi, wou laut der uewen zitéierter Äntwert, och e Règlement Grand-Ducal duergaange wier, fir der Police d'Droe vu Waffen u Bord ze erlaben.
4) Kann d'Regierung elaboréieren, ënnert wéi engem gesetzleche Kader eis Loftkomponent vun der Arméi aktuell flitt, wann et zu Lëtzebuerg effektiv un där entspriechender Jurisprudenz fir eng staatlech Loftfaart feelt? Gouf d'Méiglechkeet gepréift, fir den nämmlechte Kader provisoresch op eis Police auszedeenen? Falls net, kann d'Regierung matdeelen, wéi dës Decisioun motivéiert war?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten